N°3044
Entrée le 17.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°3044 vum 16. Oktober 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Règles concernant l'installation de miradors pour la chasse"**

**1. Wéi eng Geneemegunge gi gebraucht, fir een neien Héichsëtz op ze riichten?**

All Héichsëtz – ob fix oder mobil – gëtt als Konstruktioun ugesinn a fält domat ënner d'Geneemegungsflicht vum aktuellen Naturschutzgesetz.

Eng Ausnam dozou ass an der Annexe 9 vum Naturschutzgesetz festgehalen. Dës Annexe definéiert Fäll, an deene Strukturen net als Konstruktioun gëllen an domat keng Geneemegung erfuerderen.

Dës Ausname gëllen nëmmen ausserhalb vun nationalen Naturschutzgebidder a betreffen:

- Mobil Kanzelen: Maximal zwou pro Juegdlous. All weider mobil Kanzel muss separat ugefrot ginn;
- Podiumen aus net-traitéiertem Holz: Erlaabt fir d'Dauer vun der Klappjuegd;
- Usëtzleederen: Fir d'Ausübe vun der Juegd.

An nationalen Naturschutzgebidder mussen am Prinzip all juegdlech Strukturen – egal ob mobil oder fix – virdrun ugefrot a geneemegt ginn.

**2. Op wéi enge Plazen dierfe keng Héichsëtzer opgestallt ginn?**

Dat aktuellt Naturschutzgesetz enthält keng explizit Virgaben dozou, op wéi enge Plazen Héichsëtzer opgeriicht däerfe ginn. Prinzipiell ass d'Opriichte vun Héichsëtzer am ganze Land erlaabt, ënner der Bedingung, datt kee geschützte Biotop – wéi z. B. eng Heck oder ee Bam - beschiedegt oder zerstéiert gëtt, an datt *en général* d'Objektiver vum Naturschutzgesetz respektéiert ginn.

D'Naturverwaltung huet intern Richtlinnen ausgeschafft, déi bei der Bewäertung vu Naturschutzdemanden fir Héichsëtzer berücksichtegt ginn. Dës Richtlinne gesi vir, dass Héichsëtz opgeriicht kënne ginn:

- Am oder niewent dem Bësch;
- Niewent Hecken oder Beem;
- Am Fall vu mobillen Héichsëtzer um oppene Flouer, och wa kee Bam oder keng Heck direkt niewendru steet.

**3. "Le requérant doit avoir obtenu une autorisation avant toute rénovation ou installation d'un mirador." (Dokument ANF).**

**Wat ass déi legal Basis vun dëser Autorisatioun, a wéi eng Krittären a Prozedure gëllen hei?**

D'Grondlag fir d'Geneemegung vun Héichsëtzer ass den Artikel 6 vum modifizéierten Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018. All nei Héichsëtzer ginn als Konstruktioun ugesinn a brauchen eng Naturschutzgeneemegung.

Renovatiounen u besteeënden a legal opgeriichten Héichsëtzer brauche säit der Modifikatioun vum Naturschutzgesetz vum 23. August 2023 keng Geneemegung méi, soulaang et net zu enger visueller Ännerung kënnt a keng Verännerung vun den Dimensioune virgesinn ass.

Déi Ausso aus engem fréieren ANF-Dokument bezitt sech op déi virdru gëlteg Gesetzeslag, an där och Renovatiounen u Konstruktiounen an der Gréngzon eng Geneemegung erfuerdert hunn. Zënter der Gesetzesännerung ass dat - ënner bestëmmte Konditiounen - net méi néideg.

D'Naturschutzgesetz selwer enthält keng explizit technesch Standarde fir Héichsëtzer. Allerdéngs huet d'ANF intern Richtlinnen ausgeschafft, déi bei der Bewäertung vun enger Naturschutzdemande berücksichtegt ginn. Dës Richtlinne betreffen ënnert anerem:

- Maximal Fläch vum Héichsëtz: 2,5 m²;
- Material: Ganz aus Holz oder mat vollstänneger Holzverkleedung.

**4. Wéi vill nei Héichsëtzer goufen an deene leschte 5 Jore gebaut?**

D'Naturverwaltung féiert keng separat Statistik iwwert d'Unzuel vun den Héichsëtzer déi pro Joer geneemegt ginn.

**5. Wéi vill Héichsëtzer ginn et aktuell zu Lëtzebuerg?**

De Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit huet keng Zuelen doriwwer.

Lëtzebuerg, den 17. November 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit